ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Här Mars di Bartolomeo

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 7. November 2016

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Landwirtschafts- an den Här Justizminister weiderzeleeden.

Lëtzebuerg huet zënter dem 9. Mee 2008 e Gesetz, an deem véier méiglecherweis geféierlech Hondsrassen an assimiléiert Hënn opgefouert ginn. An deem Kontext wollt ech dem Här Landwirtschafts- an dem Här Justizminister dës Froe stellen:

1. Gouf et zënter dem Akraafttriede vum Hondsgesetz Accidenter an Tëschefäll, bei deene Mënschen zu Schued komm sinn an déi esou bestätegt hunn, datt déi am Gesetz opgefouert Hondsrasse kënne geféierlech ginn?
2. A wéi vill Fäll ass vun den Autoritéite festgestallt ginn, datt en Hondsbesëtzer sech net un d'Gesetz vum 9. Mee 2008 gehalen huet an also entweder säin Hond net an der Léngt hat oder selwer den obligatoreschen Training fir Hondsbesëtzer net matgemaach hat?
3. Wat ass mat den Hënn geschitt, deenen hire Meeschter sech net un dat Gesetz gehalen huet?
4. Ass dru geduecht, déi Lëscht vun Hënn, déi méiglecherweis kéinte geféierlech sinn, ze revidéieren an eventuell méi laang oder méi kuerz ze maachen?
5. Wéi ass d'Situatioun zu Lëtzebuerg, wat de Verglach mam Ausland ugeet? Ass d'Lëtzebuerger Lëscht méi oder manner streng, wat d'Klassifikatioun vun Hënn, déi méiglecherweis geféierlech sinn, ugeet?
6. Wéi steet Lëtzebuerg am Verglach mat deenen aneren EU-Länner do, wat Tëschefäll an Accidenter mat Hënn ugeet, bei deene Mënschen zu Schued komm sinn?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten